# REVUE MUSICALE DE L'UGDA



Union Grand-Duc Adolphe

ugda

n° 1 – Mars 2022

**Fédération** Rétrospective • L'UGDA en action • UGDA - Edition • Les sociétés en fête • Les sociétés en action
Petites annonces • Manifestations

**École de Musique** Stages et formations • Rétrospective • Concours pour jeunes solistes





# GarageBand um iPad.
# Bereet fir e neit musikalescht Erliefnis.

Musek spillen, ophuelen an deelen ass mat der App GarageBand einfach nëmme genial. Entdeck Instrumenter aus der ganzer Welt, gräif op eng riseg Bibliothéik u Kläng, Loops a Samples zréck a stell Deng eege Kreatiounen zesummen, egal wou's Du grad ënnerwee bass.






lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 1 • education@lineheart.lu

LINEHEART

Authorised
Education Specialist



# Le printemps en musique

Photo : ***www.unsplash.com***


## *Impressum - Sommaire* 3

## *Adresses utiles* 4

## *Editorial* 5

*Un grand espoir pour le relancement des activités culturelles*

## *Rétrospective*

*Assembées Régionales 2021* **7**

*52e Ass. Générale de la Mutuelle* **9**

*159e Congrès fédéral* **11**

*Ëffentlecht Chrëschtdagssangen* **17**

## *L'UGDA en Action*

*Principales actions 2022* **18**

*European Big Band Event* **19**

*Patronage du programme d'activités 2022 de l'UGDA* **23**

*Concert commémoratif en mémoire de S.A.R. le Grand-Duc Jean* **25**

*UGDA/UMI Blosmuseksconcours* **26**

*3rd European Music Competition for Concert Bands, Fanfare Orchestras & Brass Bands* **28**

## *Interview*

*Monique Bernotte - Déi éischt Fra an der Militärmusek* **40**

## *Les sociétés en fête*

*Ambitus : Krönendes Abschlusskonzert* **62**

*100 Joer Eecher Musek 1920-2022* **64**

## *Communiqué*

*Minett on Tour* **27**

*100 Joer Habschter Musek* **29**

*UNI.LU - Musik lehren und lernen* **30**

*Sinfonisches Blasorchester Eifel-Ardennen* **47**

*UNI.LU - Séance académique* **48**

*Musée Binsfeld 100 Jahre sind ein Tag* **50**

*Wer war Dominique Heckmes und wie klingt seine Oktavmesse?* **52**

*Musikmesse Frankfurt 2022* **54**

## *Ecole de Musique*

## *Rétrospective*

*Création mondiale "Driwwer Drënner Drop"* **31**

## *Appel aux candidatures*

*36e semaine internationale de musique (Esch-sur-Alzette)* **33**

## *Stages et formations* 35

## *Concours pour Jeunes Solistes*

*Concours transfrontalier "Take Two to Six"* **37**

## *UGDA - Editions*

*Mir maache Musek* **46**

## *Les sociétés en action*

*Harmonie Kleinbettingen* **56**

*Harmonie Beetebuerg* **56**

*Harmonie Kleinbettingen* **58**

*Philharmonie Ettelbruck* **60**

*Kanner- a Jugenchouer Konsdref* **66**

*Musik Gemeng Bauschelt* **68**

*Harmonie Hobscheid* **68**

*Chorale Cantabile Fenteng* **70**

*Harmonie Eilereng* **72**

*Fanfare Concordia Mertert* **74**

*Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg* **76**

*Pompjeesmusek Rammerich* **76**

*Harmonie Municipale Esch/Alzette* **78**

*Harmonie Municipale Esch/Alzette - Jugendorchester* **80**

*Concordia - The Voices* **82**

*Luxembourg Philharmonia* **84**

## *Petites annonces*

*A vendre* **86**

*Postes vacants* **88**

## *Calendrier des manifestations* 90



**Union Grand-Duc Adolphe**

Fédération Nationale du Mouvement Associatif de la Musique Chorale et Instrumentale, du Folklore et du Théâtre du Grand-Duché de Luxembourg

Association sans but lucratif,

Établissement reconnu d'utilité publique par loi spéciale du 1er juin 1989

Fondée en 1863

Sous le Haut Patronage de Leurs Altesses Royales le Grand-Duc et la Grande-Duchesse

L'UGDA bénéficie du soutien financier du Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**REVUE MUSICALE**
3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN
Tél. : (+352) 46 25 36-1 / Fax : (+352) 47 14 40
E-mail : revue-musicale@ugda.lu
Internet : www.ugda.lu

**Revue Musicale N° 1/2022**

85e année

Lëtzebuerger Museks-Zeitung
Organe officiel de l'Union Grand-Duc Adolphe

Périodicité : trimestriel

**Tirage :** 10.000

Contrat P&T : I7UGDA

Courriel : revue-musicale@ugda.lu

**Responsables de l'édition :**
Bureau exécutif, Conseil d'administration et Direction de l'Ecole de musique de l'UGDA

**Layout :** Maïté Louis, Claude Mousel

**Imprimerie :** Imprimerie Centrale, Luxembourg

**Administration, abonnement et publicité :**
Union Grand-Duc Adolphe

**Prix par abonnement :** 2,50 Euro

Distribution gratuite aux sociétaires des sociétés affiliées à l'UGDA, aux enseignants et aux élèves de l'Ecole de Musique de l'UGDA.



La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.

Les manuscrits publiés ne reflètent pas nécessairement la manière de voir de l'UGDA.



**Prochaine édition : 6 juin 2022**


*En couverture : Chrëschtdagssangen 2021*

*(Photo : Christophe Feilen)*

| | |
|---|---|
| **Fédération / Mutuelle / Centre du documentation** | 3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 46 25 36-1 • Fax : 47 14 40 • Courriel : direction@ugda.lu • Web : www.ugda.lu<br>Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h00 • Standard téléphonique : Lu-Ve • 8h30 - 11h30 / 13h30 - 16h30 |
| **Ecole de musique** | 3, route d'Arlon • L-8009 Strassen • Tél. : 22 05 58-1 • Fax : 22 22 97 • Courriel : ecole@ugda.lu • Web : www.ugda.lu<br>Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h00 - 16h30 |
| **Ecole de musique du Canton de Clervaux** | Montée du Château • B.P. 70 • L-9701 Clervaux • Tél. : 92 96 76-1 • Fax : 92 96 76-76 • Courriel : mcc@ugda.lu • Web : www.ugda.lu<br>Heures d'ouverture : Lu-Ve • 8h00 - 12h00 / 13h30 - 16h30 |

## CONSEIL D'ADMINISTRATION

| Fonction | Nom et prénom | Adresse | Téléphone privé / GSM | Courriel |
|---|---|---|---|---|
| Président | GIRSCH Gilbert | 4 Rue Eich, L-8354 GARNICH | 30 82 22 / 621 25 36 04 | gilbert.girsch@ugda.lu |
| Vice-Président | KÖLLER Robert | 289A Route d'Arlon, L-8011 STRASSEN | 621 37 10 84 | robert.koeller@ugda.lu |
| Secrétaire général | THILL Marc | 21 Rue Schafsstrachen, L-2510 STRASSEN | 621 26 35 03 | marc.thill@ugda.lu |
| Trésorier général | HEINEN André | 3 Op Der Knupp, L-7432 GOSSELDANGE | 621 16 22 29 | andre.heinen@ugda.lu |
| Membre | DONVEN-ROSSETTI Adèle | 30 Rue de l'Usine, L-4490 BELVAUX | 621 23 34 17 | donvenm@pt.lu |
| Membre | EBERT Silvia | 51 Rue du Baerendall, L-8212 MAMER | 691 11 94 94 | sophokles1999@icloud.com |
| Membre | HEINTZEN Joe | 14 Rue Th. Bassing, L-9405 VIANDEN | 83 45 72 / 661 22 08 52 | joheintz@pt.lu |
| Membre | KETTEL Claudine | 10 Rue Scheerbach, L-7625 LAROCHETTE | 621 26 78 17 | musikant@pt.lu |
| Membre | KINNEN Jean-Paul | 3 A Wokelt, L-8715 EVERLANGE | 23 63 91 88 / 621 16 59 46 | kinnfam@pt.lu |
| Membre | KRAMER Susanne | 28A Beschmontsbongert, L-7526 MERSCH | 23 63 07 03 / 691 48 08 21 | besus.kramer@gmail.com |
| Membre | KRIER Emile | 20 Rue des Prés, L-8089 BERTRANGE | 691 31 05 56 | kriere@pt.lu |
| Membre | MICHELS Pol | 12 Rue St Ulric, L-2651 LUXEMBOURG-GRUND | 661 82 35 08 | sound-light-vision@live.com |
| Membre | ROULLING Roger | 27 Rue d'Ottange, F-57330 VOLMERANGE | 661 96 58 19 | roger@gmx.fr |
| Membre | THILL Danielle | 87 Rue de Kleinbettingen, L-8436 STEINFORT | 691 39 51 60 | danieth@pt.lu |

## DÉLÉGUÉ DE L'UGDA

| Nom et prénom | Adresse | Téléphone privé / GSM | Courriel |
|---|---|---|---|
| BIRGEN Gilbert | 6 Rue Guillaume Kremer, L-4999 SCHOUWEILER | 37 01 49 / 621 29 43 41 | gigubi@pt.lu |
| GOERGEN Francis | 17 Rue Michel Rodange, L-4660 DIFFERDANGE | 58 95 99 / 621 14 65 44 | goefr@yahoo.fr |
| GRAVIER Maurice | 12 Rue des Vergers, F-57570 CATTENOM | +33-3-82 55 46 74 / +33-6-88 81 76 00 | maugralise@hotmail.com |
| HENCKES Guy | 6 Rue des Près, L-9907 TROISVIERGES | 97 93 27 / 621 26 58 22 | guy.henckes@education.lu |
| HENRION Romain | 2 Allée du Carmel, L-1354 LUXEMBOURG | 43 84 97 | herom@pt.lu |
| KONTZ Josy | 7 Place Sauerwiss, L-2512 LUXEMBOURG | 42 52 44 | josykontz@gmail.com |
| KREINTZ Jos | 7 Um Klaeppchen, L-5720 ASPELT | 23 66 87 15 / 621 24 50 49 | jkreintz@pt.lu |
| KRUMMES-LIST Monique | 30 Rue de Steinfort, L-8371 HOBSCHEID | 691 66 52 70 | krupa@pt.lu |
| MICHELS Angèle | 12 Rue St Ulric, L-2651 LUXEMBOURG-GRUND | 47 19 27 / 661 52 77 74 | michels1@pt.lu |
| OSWEILER Romain | 7 Rue de Dickweiler, L-6571 OSWEILER | 72 66 23 / 691 91 56 66 | romain.osweiler@rosportmompach.lu |
| RIES Romain | 4 Rue Lumière, L-3516 DUDELANGE | 51 77 89 / 621 63 73 07 | javiejones@pt.lu |
| ROETTGERS-DE ROND Myriam | 12 Rue Paul Dentzer, L-9907 TROISVIERGES | 691 64 08 25 | myriamderond@yahoo.de |
| SCHAMMO Jean | 66 Rue des Champs, L-7217 HELMSANGE | 33 84 12 / 621 74 73 78 | jeanscha@pt.lu |
| SCHROEDER Raymond | 18 Um Weiher, L-9805 HOSINGEN | 26 91 07 93 / 621 24 42 85 | |
| UEHLEIN Bernd | 2 Rue Paul Faber, L-6785 GREVENMACHER | 621 24 61 49 | b.uehlein@pt.lu |
| WAGNER-HEITZ Arlette | 114 Cité Paerchen, L-3879 SCHIFFLANGE | 54 70 13 / 691 64 38 32 | pierrot@internet.lu |
| ZEIMET-SCHROEDER Monique | 6 Rue de la Sapinière, L-5571 REMICH | 23 69 87 64 / 661 61 38 08 | moniquezeimetschroeder@gmail.com |



# Un grand espoir pour le relancement des activités culturelles

**Gilbert GIRSCH** | *Président de l'Union Grand-Duc Adolphe*

**www.ugda.lu**

*Chers Membres,*

*Le 159ème Congrès fédéral et la 52ème Assemblée Générale de la Mutuelle ont eu lieu le 30 janvier dernier au Conservatoire de la Ville de Luxembourg. Après presque 2 années de restrictions sanitaires, je me réjouissais de retrouver nos associations-membres, ensemble avec nos délégués de l'UGDA, le Conseil d'Administration et tous nos invités. Je vous remercie tous de nous avoir fait confiance et d'avoir passé une matinée commune, en ces moments toujours contraires à la normalité.*

*Après l'approbation du programme d'activités et du budget prévisionnel pour 2022, élaborés lors du Congrès fédéral, j'espère que nos associations-membres viendront soutenir nos activités et notamment les grandes manifestations programmées pour les mois à venir.*

*En raison de la pandémie, ces manifestations ont dû être reportées à plusieurs reprises. Je vous invite donc dès à présent à ne pas manquer le « Concert d'ouverture du Concours Européen pour Big Bands » qui se déroulera le vendredi 08 avril au Théâtre d'Esch-sur-Alzette. Interprété par le Luxembourg Jazz Orchestra sous la direction d'Ernie Hammes, c'est avec la participation exceptionnelle de jeunes talents luxembourgeois. D'éminents musiciens européens composeront le jury international du concours.*

*Les samedi 09 et dimanche 10 avril, c'est le Conservatoire de musique de la Ville d'Esch-sur-Alzette qui accueillera le « Concours Européen pour Big Bands », avec la participation de 13 ensembles. De très belles heures musicales à Esch-sur-Alzette sont à prévoir.*

*Deux semaines plus tard, le samedi 23 avril 2022, à 20h00, l'UGDA organise le « Grand Concert commémoratif en mémoire de S.A.R. le Grand-Duc Jean » à la Philharmonie. Ceci pour exprimer sa gratitude à l'égard du Grand-Duc Jean, Haut Protecteur de l'UGDA de 1986 à 2019, mais également pour remercier la Famille Grand-Ducale de son engagement et de sa fidélité depuis 1891, élément fondamental et dynamique de l'essor de notre Fédération.*

*Environ 200 chanteurs, membres d'une dizaine de chorales, formeront les Chœurs d'ouverture du concert. Ils seront accompagnés à l'orgue par Maurice Clément, sous la baguette du jeune chef Andy Loor. La « Schierener Musek » prendra la suite de la première partie. Après la pause, la « Fanfare Municipale Luxembourg-Bonnevoie » présentera un programme haut en couleurs, avec la participation des solistes du Luxembourg Pipe Band aux cornemuses, ainsi que de la sopraniste Simone Martiny.*

*Un mois plus tard, notre « Concours UGDA / UMI pour orchestres à vent » se déroulera le dimanche 15 mai 2022 à Wincrange. Avec la participation de 5 orchestres nationaux et interrégionaux, l'UGDA se réjouit de pouvoir organiser ce concours en collaboration avec « l'Union Musicale Interrégionale », la Commune de Wincrange et la « Wëntger Musek ».*

*Avec ce programme d'activités bien chargé pour un printemps plein d'espoir, je tiens à remercier nos associations-membres et leurs bénévoles pour leur engagement. Je vous invite avec insistance à assister dès lors à leurs manifestations, dont vous trouverez les affiches dans les pages intérieures de la Revue Musicale.*

*Gilbert GIRSCH*

*Président fédéral*

CMCM

ÄR GESONDHEETSMUTUELLE

ZANTER 1956




moskito.lu

Bei der CMCM ass jidderee wëllkomm, onofhängeg vu sengem Alter oder Gesondheetszoustand.
Dobäi kënnt datt d'CMCM Cotisatioun onverännert bleift , och wann Är Familljesituatioun ännert - op eleng, zu zwee oder zu méi. Dat mécht keen Ënnerscheed.

Och Loscht Member bei der CMCM ze ginn? Méi Info op **www.cmcm.lu**

**MIR SINN DO. FIR JIDDEREEN.**

cmcm_luxembourg @cmcm_lu CMCM Luxembourg cmcm_lu CMCM-App

# Regionalversammlungen 2021

*Rapport*

Text : **Marc THILL**, UGDA Generalsekretär | Fotoen : ***Viviane HEINEN***

De Programm vun den UGDA Aktivitéiten vum Joer 2021 huet säin Enn geholl mat den Regionalversammlungen am Dezember, wou wei gewinnt den Tour duerch d' Land gemaach gëtt, fir méi no bei eise Veräiner ze sinn, sie domat besser kënnen ze informéieren an hier Meenungen a Suergen kënnen ze héieren.

D' Regionalversammlungen, déi ënnert dem Covid-Check Regime stattfonnt hunn, waren de 6. Dezember zu Miersch mat 71 Veräiner, de 9. Dezember zu Esch / Uelzecht mat 61 Veräiner an de 12. Dezember 2021 zu Wäiswampech mat 16 Veräiner, déi sech domat och eng Bonifikatioun vun hirer Cotisatioun fir d' Partizipatioun un dëse Versammlungen geséchert hunn.



*Regionalversammlung am Mierscher Kulturhaus*

No deem den UGDA President Gilbert Girsch d' Versammlungen mat engem Wuert vun der Begréissung opgemaach huet ass et weider gaangen mam Aktivitéitsbericht 2021, de Projeten fir d' Joer 2022 an engem kuerzen Plan pluriannuel fir d' Joeren duerno, presentéiert vum Generalsekretär Marc Thill.

De Generaltrésorier André Heinen huet an der Suite de previsiounnelle Bilan, also d' finanziell Situatioun wei se um Joer 2021 wäert sinn virgestallt. Eng vun de spezifesche Situatioune aus de lëschten zwee Joer war, dass wéinst der Pandemie verursaacht duerch de Covid-19 Virus, vill Manifestatioune guer net organiséiert konnte ginn. Hir Dépense waren awer op de verschiddene Posten am Budget virgesinn, sinn awer net opgebraucht ginn. Dës Dépense sinn aus dem Grond op dat nächst Joer reportéiert ginn, a fannen sech am Budget 2022 rëm, den de Generaltrésorier André Heinen direkt duerno presentéiert huet.



Eng speziell Situatioune aus dem virege Joer war och de Subside den d' UGDA fir d' Ënnerstëtzung vun de Veräiner vum Kulturministère krut. Den André Heinen ass dorop nach eng Kéier am Detail agaangen, huet erkläert firwat d' UGDA deemools de Questionnaire un d' Veräiner geschéckt huet, fir hir Besoine an hir finanziell Abousse déi sie duerch de Covid-19 erlidden hunn rauszefannen, wei doduerch Verdeelung vum Subside op Veräiner berechent ginn ass, an dass souguer déi Veräiner, déi kee Questionnaire zeréck geschéckt hunn, ee Forfait vun 150 Euro iwwerwise krut hunn.

Leider huet sech op de Regionalversammlungen kee gemellt fir déi fräi Posten am Verwaltungsrot oder UGDA Delegéierten. Dat kann awer ëmmer nach duerch Co-Optioun am Laf vum Joer nogeholl ginn, wann ee sech spontan sollt décidéiere. De nächste Kongress muss dann awer dat Mandat confirméieren. Genee wei de Kongress eng Persoun op de fräie Posten vum Keesereviseur muss nenne, wou sech d' Arlette Wagner-Heitz gemellt huet.

Duerno sinn verschidde Projeten nach eng Kéier am Detail erklärt ginn, wei den interregionalen UGDA / UMI Concours fir Blosmuseken zu Wëntger, dat oppent Chrëschtdagsangen dat den 12. Dezember am Nomëtten war, oder eng Modifikatioun vum Reglement vun den UGDA Médaillen an Ofzeechen, woumat d' Personal vun der Federatioun an der Musekschoul offiziell d' Méiglechkeet kritt fir hiren Asatz mat enger Médaille Merci gesot ze kréien. Dobäi ass och un all déi lokal Responsabel vun de Musekschoule geduecht ginn, deene mir mat der neier Dispositioun am Reglement Merci wollte soen fir hir joerelaang Aarbecht am Interessie vun der Kultur a virun allem vun de jonke Leit déi Musek wëllen léieren. Eng weider Neiegkeet ass dass verstuerwe Memberen vun Veräiner, déi sech hiert Liewe laang ëm de Veräin verdéngt gemaach hunn, awer villäicht duerch verschidden Ëmstänn keng Médaille kruten, lo op Propositioun no hirem Dout, Plaquette d'honneur vun der UGDA als posthume Merci kënne kréien.




Ee Thema, wouriwwer d' Veräiner awer onbedéngt Bescheed sollte wëssen, ass de Gesetzesprojet Nummer 6054 iwwer de Fonctionnement vun den a.s.b.l.'en an de Fondatioune. Dat néit a.s.b.l. 's Gesetz also, d' Veräiner hunn laang dorop

gewaart, de Maître Pierre Feltgen, Conseiller juridique vun der UGDA, ass a sengem Virtrag op dëse Projet de Loi agaangen.

Wann et och an éischter Linn dorëm geet fir eng besser Uerdnung an d' Gestioun vun de Veräiner ze bréngen a verschidden Prozeduren ze vereinfachen, sou gëtt dach am Deel vum Gesetzesprojet wou et iwwert Comptabilitéit vun de Veräiner an därer Kontroll geet, iwwert d' Ziel raus geschoss.




*Maître Pierre Feltgen, Conseiller juridique vun der UGDA*

Mir verstinn alleguer, dass d' Veräiner hir Membere sollen uerdnungsgemäss umellen, eleng wéinst der Responsabilitéit. Mir sinn och alleguer iwwerzeegt dass kee Veräin benotzt dierf ginn fir Suen wäiss ze wäschen oder verstoppt den Terrorismus ze finanzéiere. Mir kënnen eis awer och net virstellen, dass ee vun eise Veräiner, déi et schonn jorelaang gëtt, dëst géif praktizéiere.

Den Zweck vum Gesetzesprojet ass et awer de legale Cadre vun de Lëtzebuerger a.s.b.l.'en an de Fondatioune ze vereinfachen, ze moderniséieren a méi Transparenz an d' Gestioun vun de Finanzen ze bréngen. Vertrauen ass gutt, Kontroll ass besser. Och Näischt dogéint, mir denken awer, dass verschidde Mesuren hei einfach ze wäit ginn a vun de Veräiner net méi ze bewältegen sinn.

Besonnesch d' Onkäschten vun engem Réviseur d'entreprise agréé sinn enorm héich a wäerten vir een groussen Posten an den Dépensen vun der Federatioun bedeiten. Deemno, falls dëse Gesetzesprojet an der aktueller Form gestëmmt gëtt kéint dat automatesch och vir d'Veräiner eng substantiell Augmentatioun vun hiren Depensen. Eng Gefor fir d' Veräinsliewen?

Mir stellen eis d' Fro, Kontrollmechanisme vun der finanzieller Gestioun vun de Veräiner ginn et der dach schonn haut. Muss et dann onbedéngt ee Réviseur d'entreprise agréé sinn den hei kontrolléiert? Gëtt et keng méi gënschteg Alternative? Mir weisen drop hin dass den Abléck d'Fondatiounen an d'Asbl di d'utilité publique sinn vun Staat kontrolléiert ginn.

Da sinn mir och skeptesch wat déi sougenannte Schwëllewerter ugeet, déi d' Associatioune tëschent "petites", "moyennes" a "grandes" kategoriséiere. Wou kommen déi Valeuren hier? Wisou kann een déi net rop setzen? Sou hätten op mannst déi vum Text sougenannten "petites associations" net méi sou héich Onkäschten an administrativen Opwand ze bewältegen.

Wat Federatioune an der Kultur ugeet, sou sinn déi meescht vum Staat subsidéiert. Duerch hir Envergure kommen si kaum laanscht eng Qualifikatioun als "moyenne" oder "grande" Associatioun a musse sech domat déi héich Onkäschten vun engem Réviseur d'entreprise agréé op lueden. Wat awer rëm bedeit, dass een beträchtleche Deel vun de Suen, déi sie als Subside fir hir Missioun kruten an d' Onkäschten vun der Keeserevisioun fléissen.

An dem Kontext huet de Generaltrésorier André Heinen bemierkt, dass duerch dëse Gesetzesprojet falls en dann an der aktueller Form gestëmmt géif ginn, d' UGDA obligéiert wier ee Réviseur d'entreprise agréé ze beoptragen all Joer een Audit vun de Finanzen ze maachen. Dësen Audit géif eis dann laut Estimatioun, ongeféier ee Véierel vun de Cotisatioune vun eise Veräiner kaschten. Eng onvirstellbar Perspektive, dass een dann Suen, déi fir d' Kultur an fir d' Vertriedung vun den Interesse vun de kulturelle Veräiner abezuelt goufen, fir Kontrollmoosnamen misst ausginn.

De Gesetzesprojet iwwer de Fonctionnement vun den a.s.b.l.'en an de Fondatioune ass op jidder Fall een Thema wou nach vill Diskussiounsbedarf besteet.

No de Froen a Bemierkungen vun de Représentante vun de Veräiner an engem Message vun de jeeweilegen Vertrieder vum Buergermeeschter- a Schäfferot aus de verschiddene Lokalitéiten, huet de President Gilbert Girsch dorop hin, mat de beschte Wënsch fir dat Neit Joer, d'Regionalversammlunge ofgeschloss.



*Sonndeg, 30. Januar 2022, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :*

# 52. Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle – Rapport

Text : **Robert KÖLLER** | Fotoen : **Viviane HEINEN**

De 30. Januar war d'Generalversammlung vun der Mutuelle, mueres em halwer 10, am Stadter Conservatoire, am Kader vum alljährlechen UGDA-Kongress. Ageleet gouf d'AG, bei där als Eieregäscht präsent waren, den Här Abilio Fernandes vum Ministère de la Sécurité Sociale, den Här Christian Schumacher, President vun der Federatioun vun de Mutuellen FNML, den Här Nico Düsseldorf, Secrétaire général vun der CMCM an eisen Eierepresident Robert Weiland, mat enger flotter Prestatioun vum Blechbliéiserquintett Viva Brass. Representéiert waren 178 Veräiner, dovun 160 mat Präsenz op der Plaz, an 18 an der Videoiwwerdroung.

Nodeems de President Gilbert Girsch d'Gäscht begréisst hat, huet de Sekretär vun der Mutuelle, Rob Köller, de Rappprt vun den Aktivitéite gemaach.

De 31. Januar 2021 war d'Generalversammlung. Wéinst der sanitärer Situatioun gouf se als Video-Konferenz déi eis vun Apart-TV organiséiert gouf, ofgehalen an 187 Veräiner haten sech heibäi registréiert an ageschalt. Déi nei Tariffer an den Tablo vun de Leeschtungen goufen eestëmmeg gutt geheescht. De Verwaltungsrot blouf onveräennert. Allerdéngs konnt mam Arlette WAGNER-HEITZ e neie Keesereviseur fonnt ginn, dee kuerzfristig kooptéiert gouf.

De Comité vun der Mutuelle huet sech dëst Joer COVID-bedéngt, an duerch d'Baisse vun den Aktivitéiten déi doraus resultéiert, manner oft gesinn, insgesamt 2 mol.

Bei der Stierfkeess huet eis Mutuelle 40 mol Stierfgeld un d'Famill ausbezuelt, wann ee vun eise Membere gestuerwen ass, wat en Total vun 17.328,16 € ausmécht.

Bei de Sinistere goufen et am Joer 2021 folgend Sinistren déi bei der LaLux deklaréiert gi sinn :

- Haftflicht : 0 mol
- Accidenter mat Kierperschued : 0 mol
- Schued un den Instrumenter : 41 mol
- Schued un elektroneschem Material 1 mol
- Kasko op den Autoen : 11 mol






Bei de Memberszuele musse mer weider e Réckgang verbuchen, wat dorops zréck ze féieren ass, dass sech weider Gesellschaften wéinst Mangel un Aktivitéit a COVID-Zäiten ofgemellt hunn.

Insgesamt mécht dat eng ronn 211 Membere manner wéi dat Joer virdrun aus.

Zwee vun eise Leit sëtzen dann nach an anere wichtege Gremien, an zwar

- den André HEINEN als President vun der CMCM
- an de Rob KÖLLER als Trésorier Général vun der Federatioun vun de Mutuellen, der FNML.

Nom Aktivitéitsbericht huet den Trésorier André Heinen dunn de Keesebericht vunn der Mutuelle gemaach, déi finanziell mat engem Benefice vun 6.717€ a Reserven vun bal 820.000€ aus dem Joer 2021 eraus kënnt.

Den André Heinen proposéiert dann och, dass d'Tarifer, ausser deene di un den Index gebonne sinn, onverännert bleiwen. Och un de Leeschtunge soll näischt geännert gin

Fir d'Réviseurs de Caisse schwätz dann d'Madame Adèle Donven-Rossetti, deen dem Trésorier eng korrekt Comptabilitéit zertifiéiert.

De Preisent Gilbert Girsch freet dann d'Versammlung ob déi 2 Berichter kënne ofgeholl ginn. Dat geschitt à l'Unanimité. Dat selwecht geschitt dann och mam Katalog vun den Tarifer an de Leeschtungen, déi ouni Géigestëmm ugeholl gin.

De Verwaltungsrot bleiwt weiderhinn onverännert an d'Kasserevisorin Arlette Wagner-Heitz gëtt vunn der AG konfirméiert.

Zum Ofschloss schwätz dann nach den Här Fernandes als Repräsentant vum Minister fir Sozial Sécherheet. Hie seet dem Verwaltungsrot vun der Mutuelle merci fir die exzellent Aarbecht am läschte Joer, a hiewt besonnesch di gudd Zesummenaarbecht mat den 2 UGDA Leit am Kader vun der FNML an der CMCM erfir.

Vous avez une **passion ?**



**Nous** aussi !

SPUERKEESS

Banque et Caisse d'Epargne de l'Etat, Luxembourg, établissement public autonome
1, Place de Metz, L-2954 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B30775

avec le soutien financier du Ministère de la Culture



*Sonndeg, 30. Januar 2022, Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg :*

# *159. UGDA Kongress*

*Rapport*

Text : **Marc THILL** | *UGDA Generalsekretär* | Fotoen : **Viviane HEINEN**

Nëmmen mat engem strengen, sanitären Konzept war et méiglech den 159ten Kongress vun der UGDA am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg ze organiséieren. Plazen am grousse Sall vum Conservatoire hunn missen limitéiert ginn, den Zougang war nëmmen mat engem valabelen Covid-Check no den 2G+ Kriterien méiglech, a jiddereen huet missen eng fest him zou gewise Sëtzplaz anhuelen.

Eng Prozedur mat multiplen Check-In, déi onweigerlech fir muench Verspéidung a Geknouters gesuergt huet. Allerdéngs war wéinst der Omikron Variant kaum ee Choix gebueden. Fir net rëm de Kongress komplett iwwer Visiokonferenz ze organiséiren, a sou ëmmer méi de “richtege” Kontakt zu eise Veräiner ze verléieren, huet d’ UGDA sech entscheet op dëse Wee ze goen.

Trotz allem ass et, dank dem Iwwerdroen vum Kongress duerch Apart-TV, zousätzlech eng Visiokonferenz ginn, wou d’ Leit per Chat hir Froen konnte stellen. Dëst ass gemaach ginn, fir dass déi Leit, déi sech net sécher gespuert hunn am grousse Sall vum Conservatoire, trotzdem konnten beim Kongress dobäi sinn. Ausserdem hat d’ UGDA d’ Veräiner gefrot, jeeweils nëmmen ee Représentant op de Kongress ze schécken. Plazen waren jo och limitéiert.




Déi musikalesch Aleedung huet de Quintett “Vivo Brass” mat dräi Musekstécker gemaach, ier den UGDA President Gilbert Girsch de Kongress op gemaach huet mat der Begréissung vun allen Éiregäscht. Der waren der nawell vill an de Conservatoire komm.

Ugefaangen mat dem Chamberspresident Fernand Etgen an der Madame Etgen, dem Minister fir Educatioun Claude Meisch, dem Président d’ honneur vun der UGDA Jacques Santer, an dem Président honoraire vun der UGDA Robert Weyland, wei och dem Europadeputéierten Marc Angel, der Stader Buergermeeschtesch a Deputéiert Lydie Polfer, zesummen mat der Schäffin a Deputéiert Simone Beissel. Des weideren waren och den Deputéierten Frédéric Keup, wei Buergermeeschter, Schäffen a Conseillere aus de Gemengen Bech, Frisange, Garnech, Luerenzweiler, Monnerech, Sandweiler a Schëffleng do vertrueden.



Ausserdem waren dobäi de Conseiller de Gouvernement Joé Haas vum Kulturministère, de Commissaire du Gouvernement à l’enseignement musical Gilles Lacour vum Éducatiounsministère, de Paul Scholer Direkter, d’ Micky Thein Directrice adjoint, an de Frank Wagner Attaché à la Direction vun der UGDA Museksschoul, wei och d’ Michelle Van Dijk, Presidentin vun der Personaldelegatioun vun der UGDA Museksschoul. De Maître Pierre Feltgen, juristesche Beroder vun der UGDA war ebenfalls um Kongress.

Vum Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg waren den Direkter Marc Meyers an de Jean-Marie Gieres vun der Commission de Surveillance dobäi. Awer och de Bob Morhard, Direkter vun der Museksschoul Diddeleng, de Jean-Paul Reitz, President vun der Museksschoul vum Kanton Klierf, an de Colonel Jean-Claude Braun vun der Militärmusek, wei eng Delegatioun vum Pius Verband waren den Dag present.

Aus dem Ausland war de Norbert Sartoris, neie Vize-President vum Landesmusikverband Rheinland-Pfalz mat dobäi. Eng ganz Delegatioun vun der Mutuelle vun der UGDA, de Premier Conseiller de Gouvernement Abilio Fernandes vum Ministère de la Sécurité sociale, de Christian Schumacher vun der Fédération nationale de la mutualité luxembourgeoise, wei och den Mario Chiapolino an den Nico Düsseldorf vun der Caisse médico chirurgicale mutualiste waren nieft villen anere Institutioune um Kongress vertrueden, wei d’ Frënn vun der Militärmusek, der ARCA, der LaLux, Capital@work oder der LASEP. Vill anerer waren per Visiokonferenz dobäi geschalt.

Ee besënnleche Moment ass ëmmer d’ Gedenken un déi Verstuerwen, wou mir dëst Joer un de Robert Mamer, Vice-Président honoraire vun der UGDA a vun der UGDA Mutuelle, dem Albert Brauch, President vum Pius Verband, dem Roby Zenner, eemolegen UGDA Delegéierten a Member aus dem Verwaltungsrot, dem Raymond Frantz, eemolegen Member aus dem Verwaltungsrot a Sekretär vun der UGDA, dem Pierre Nimax, geschätzten Mataarbechter a Beroder

a villen musikaleschen Froen vun der UGDA a vun der UGDA Museksschoul, an oft als Member an der Jury bei eisen Concoursen, wei och dem René Schickes, eemolegen Regionaldelegéierten vun der UGDA a President vum Syndicat Enseignement, Musique et Chant aus dem Kanton Klierf, geduecht hunn.



Een erfreelech Moment ass et par contre nei Sociétéiten an d' Federatioun ophuelen ze dierfen. Dat waren dëst Joer den Ensembel Vocal Sainte Cécile Ehnen, den Ensembel Vocal Cantus Gaudium an den Orchestre National des Jeunes du Luxembourg.

Ausgetratt sinn leider Les Amis de l'Accordéon Esch / Alzette, d' Echternoacher Troaterbattien, de Grupo Etnografico Do Alto Minho, an de Grupo Folclorico Da Mocidade Portuguesa Do Luxemburgo.

Bei de Walen haten mir kee Kandidat fir déi zwou fräi Platzen am Verwaltungsrot bis 2023 ze besetzen. Als néien Vérificateur des comptes ass no dem Départ vum Norbert Steinmetz, dunn awer d' Madame Arlette Wagner-Heitz per Acclamatioun vum Kongress ernannt ginn. Et ass awer leider kee neie UGDA Delegéierten genannt ginn.

De Rapport vun den UGDA Aktivitéiten vum vergaangene Joer ass virgedroen ginn vum Generalsekretär Marc Thill. Ugefaang huet d' Joer 2021 mat dem 158ten Kongress vun der UGDA den 31. Januar 2021, am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, direkt no der 51ter Generalversammlung vun der UGDA Mutuelle.

D' Generalversammlung vun der Mutuelle an de Kongress waren wéinst der Infektiounsgefor duerch de Covid Virus ënner ongewinnten Conditioune. Sie sinn mat der Hëllef vum UGDA-Personal a vun APART TV exklusiv iwwert Visiokonferenz organiséiert ginn. Am Sall waren just d' Memberen vum Büro a vum Conseil d'administration vun der UGDA zougelooss. Fir den Encadrement musical huet den "Retrospective Quartett" gesuergt.

Néi gewielt an de Conseil d'administration goufen deemools d' Adèle Donven-Rosetti (Bieleser Musek) an de Roger Roulling (Harmonie Éilereng). Als neie UGDA-Delegéierten ass de Bernd Uehlein (Chorale Municipale Grevenmacher) vum Kongress bestätegt ginn. De Robert Köller an de Marc Thill hunn Funktioune am Büro getosch, doduerch ass de Robert Köller Vize-President an de Marc Thill UGDA Generalsekretär ginn.

De Big Band Concours, wei och den UGDA Museksdag hunn missen ofgesot ginn. Et war keen Défilé non-militaire den 23. Juni 2021, well de gewinnte Cortège fir National Feierdag net konnt organiséiert ginn. De Risiko war einfach ze héich.

D' Journée des Jeunes, déi hätt sollen de 7. Juli 2021 vun de Jonken vun der Harmonie Monnerech organiséiert ginn, ass wéinst dem unhalenden Covid-19 Risiko, fir d' éischt an den Oktober 2021 an dunn an de Summer 2022 reportéiert ginn.

Aus dem Sängerdag vum 11. Juli 2021 ass d' Chrëschtdagssangen gemaach ginn.

D' Zeremonie vun der Remise vun des "Médailles gouvernementales" an vun de Prix "Sociétés à l'étranger" ass vum Juni op den 4. Oktober 2021 verluegt ginn. Sie war och net an der ARCA, mee am Centre Barblé zu Stroossen, wou méi grouss Distanzen agehalen konnte ginn. Am Cadre vun dëser Zeremonie krut Madame Kulturministesch als Merci an als Unerkennung fir hiren Engagement am Sënn vun der Kultur, d' Médaille am Grade vum Offizéier vum Ordre Européen du Mérite Musical iwwerreecht.

De Rendezvous vun de Mandolinen an de Gittaren, virgesinn fir den 17. Oktober 2021 zu Beetebuerg, ass leider dunn och ofgesot ginn.



*Rapport vun den UGDA Aktivitéiten vun 2021 virgedroen vum Generalsekretär Marc Thill*

Eng vun de wéinege Manifestatioune, déi 2021 ouni Problemer vun der Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg (SMAL) organiséiert konnt ginn, war den Dag vum Akkordeon, den 21. November 2021, am ale Tramsschapp vun der Stad Lëtzebuerg. Matgespillt hunn d' Société municipale "Les Amis de l'Accordéon" vun Esch-Uelzecht, den Akkordeonorchester "Frohe Klänge" vun Idesheim, a selbstverständlech den Organisator d' Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg, déi zum Ofschloss vun dësem flotten Dag gespillt hunn.

Aus dem Sängerdag, den am Summer net war, ass dunn dat oppent Chrëschtdagssangen, den 12. Dezember 2021 zu Iechternach gemaach ginn. Hei konnt de grousse Public mat Leit aus de Chéier d'Freed um Sangen nei entdecken.

Am Haff vun der Abtei wäerten sech ronn 250 Memberen aus Gesank- a Museksveräiner vun der UGDA a vum Pius Verband zesummen fonnt hunn, fir Chrëschtlidder ze sangen. Jiddereen konnt do matmaachen, et huet een dofir net onbedengt an engem Chouer misse sinn.

Besonnesch an der Zäit virun Chrëschtdag wou soss vill Concerten sinn, hat d' Omikron Variant lo rëm villes an de Säll onméiglech gemaach. Dat oppent Chrëschtdagssangen hei baussen, am Haff vun der Abtei zu Iechternach, war ee kulturellt Event a war op fir jiddereen de wollt mat sangen.

Eng Invitatioun sou ze soen fir rëm an engem Gesangveräin mat ze maachen.

Chrëschtdagslidder bestinn awer net nëmmen aus Gesank, se hunn och Nouten, déi mat Instrumenter gespillt musse ginn. Dofir waren mir frou, dass mir hei konnten op d' Hëllef vun der Klengbettener Musek zielen. Eng weider grouss Hëllef fir dësen flotten Event virun Chrëschtdag war d' Ënnerstëtzung vun eisem Sponsoring-Partner Voyages Emile Weber, den eis entgéint komm ass, fir de séchere Transport allez-retour vun de Leit vun de Veräiner ze garantéieren. Déi ganz Manifestatioun war een Covid-Check 2G Event.

Zum administrativen Ofschloss vum Joer gehéieren eis Regionalversammlungen. Sie sinn eng gutt Méiglechkeet fir eng fräi Ausspprooch mat de Veräiner ze hunn, dofir gëtt bei den Regionalversammlungen op dräi Platzen am Land, Ried an Äntwert gestan. Am Joer 2021 waren mir den 6. Dezember zu Miersch, den 9. Dezember zu Esch / Uelzecht an den 12. Dezember zu Wäisswampech. Ee Merci geet un d' Veräiner an un d' Gemengen, déi eis fir dës wichteg Versammlungen emfaangen hunn.




*Regionalversammlung den 6. Dezember 2021 zu Miersch*

An der Museksschoul, enger wichteger Institutioun, ouni déi mir déi Jonk net sou einfach un d' Léier vun engem Instrument a vum Solfège géinge kréien, gouf et trotz Covid genug Aktivitéiten. D' UGDA Museksschoul ass present a 55 Gemengen vum Land, an do huet de Museksunterricht bal ganz normal funktionéiert, just 2 Wochen waren ganz online.

Anstatt dem Museksdag hat Museksschoul ee Flashmob organiséiert, wou d' Schüler, d' Enseignants an d' Museken uechter d' Land dat Stéck "Smile its contagious" vum Tim Kleren gespillt hunn. Fir all eis Veräiner iwwert de Flashmob ze informéieren ass eng Circulaire verschéckt ginn mat der Publikatioun vun der Museksschoul.

Dësweideren hunn musikalesch Stagen erëm stattfannen kënnen zanter dem Summer. E gutt Beispill dofir war de Stage vum National Youth Wind Orchestra Luxembourg NYWOL, vum 3. bis den 13. September 2021 an der Jugendherberge zu Lëltz.

Am Cadre vun der EMCY (European Union of Music Competitions for Youth / Europäische Union der Musikwettbewerbe für die Jugend) war den 2. Oktober 2021 ee Concert online mat dem Titel B.R.A.N.D. New: Young Digital Classic Concert online. Dëse Concert war zäitgläich zu Linz (Aisterräich), Vilnius (Litauen) a Bartreng (Lëtzebuerg).

E Projet fir d'Intégratioun war de Musical Storytelling vum 6. bis 15. November 2021 zu Esch / Uelzecht. Dëse Projet ass ënnerstëtzt ginn vun der Europäescher Unioun duerch den Erasmus+ Programm an duerch d' Oeuvres Grande Duchesse Charlotte.

Nieft villen aneren internationalen Échangen, war ee Mëttes Concert den 12. November 2021 an der Nikloskierch an der Stad, sou wei eng Liesmatinée den 14. November 2021 an der éisterräichescher Ambassade.

Ganz wichteg fir déi jonk Talenter, war den 14. November 2021 eise Concours Jeunes Solistes am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg. Iwwert 130 jonk Solisten aus iwwer 22 verschiddene Natioune hunn hei matgemaach. De Jury war och international, zesummen gestallt aus der Groussregioun, Rheinland-Pfalz, dem Saarland, der Lorraine, aus der Belsch an souguer doriwwer ewech.

E besonnesche Moment war den musikalesche Spadséiergang "drënner, driwwer, drop" deen den 27. November 2021 zu Clausen an am Gronn war. Mat bal 100 jonke Musikanten a Stécker vun der lëtzebuerger Komponistin Catherine Kontz ass et duerch Clausen, laanscht d' Uelzecht a senge Bréckеn gaang.



Wat déi administrativ Aktivitéiten ugeet sou haten mir 10 Sitzungen vum UGDA Verwaltungsrot, a 45 Sitzungen vum Büro. De Verwaltungsrot vun der Museksschoul huet sech 7 mol getraff.

Ee groussen Deel vun eise Beschäftegungen waren natierlech d' Mesuren déi géint Pandemie vum Covid Virus geholl gi sinn. Mir sinn frou dass mir hei vum Kulturministère oft ëm eis Meenung gefrot gi sinn. Sou konnten mir mat drun schaffen, dass wéinegstens e puer Aktivitéiten oder Prouwen fir eis Veräiner méiglech waren an dëser schwéierer Zäit.

Ganz wichteg ass eis d' Kommunikatioun! Soubal mir d' Mesuren an d' Restriktioune géint de Covid vun ëffentlecher Säit bestätegt kruten, wollten mir Iech se sou séier wei méiglech, a sou präzise wei méiglech matdeelen.

Wichteg fir eis Kommunikatioun mat de Veräiner ass nieft eiser Internet-Säit natierlech och d' Revue musicale. Sie ass véier Mol raus komm am Joer 2021, am Mäerz, Juni, Oktober an am November.

Am Personal vun der Federatioun sinn et Ännerunge ginn. De

Raoul Willhelm geet no enger laanger, exemplarescher Carrière op der UGDA a seng wuel verdéngten Pensioun. Jonk Leit sinn beim Personal dobäi komm. D' Maïté Louis, ass schonn zanter dem Joer virdrun mat dobäi, an de Pascal Thiry huet am August 2021 op der UGDA ugefaang.

D'UGDA ass och international engagéiert. Mir sinn Member an der UMI, der Union musicale interregionale, dem CIOFF, a wat d' Musekschoul ugeet der EMCY (European Union of Music Competitions for Youth / Europäische Union der Musikwettbewerbe für die Jugend).

Bei der EMCY ass et haaptsächlech de Paul Scholer, de laangjäregen Direkter vun der Musekschoul, den d' UGDA vertrëtt. Bei der UMI, der Union musicale interregionale, ass de Marc Thill zesummen mat dem UGDA President Gilbert Girsch an dem Claudine Kettel am Exekutivbüro.

Trotz Covid-Schwieregkeeten waren dräi Meetingen a fir 2022 sinn schonn zwou Aktivitéiten fest geplangt. Den 7. Mee de GEPACO Concert zu Losheim-am-See, dat ass een Austauschconcert op interregionaler Basis. D' Fanfare Stroossen geet op Losheim-am-See spillen als Startschoss vun engem Zyklus vun Austauschconcerte, den sich iwwert d' Netzwierk vun de GEPACO Gemengen spaant.

Des weideren bedeelegt sech d' UMI nach um UGDA Concours fir Blosmusiken, den 14. a 15. Mee zu Wëntger. Hei sinn mir frou, dass sech als Musek aus Groussregioun, d' Harmonie Municipale vum Mont Saint Martin bei Longwy fir de Concours ugemellt huet.

Beim Folklore, dem CIOFF (Conseil international des organisations de festivals de folklore et d'arts traditionnels), sinn et Susanne Kramer an de Pol Michels, déi d' UGDA do vertrieden. Matsproocherecht ass ganz wichteg, wann ee bedenkt dass d' Iechternacher Sprangprozessioun zanter kuerzem op d' UNESCO Lëscht vum Patrimoine culturel immatériel opgeholl ginn ass. Wei ass et hei mat anere Prozessioune wou Museken als festen Bestanddeel matginn, zum Beispill den Bärbeledag? Wéi ass et mam Hämmelsmarsch?

De Generaltrésorier André Heinen huet a präzise Wierder d' Situatioun vun de Konten vun der Federatioun, a vun der Museksschoul presentéiert. D' Federatioun schléisst d' Joer 2021 mat engem Defizit vun 8.888,82 Euro of. Dat ass awer domat ze erklären, dass wéinst engem Départ en Retraite huet missen eng Platz provisoresch duebel besat ginn a wëll aus verschiddene Grënn ee neie Mataarbechter am Secrétariat vun der Federatioun zäitlech éischter huet missen ufänken wei et geplangt war.

Bei der Museksschoul war et een Defizit vun 14.584,32 Euro haaptsächlech verursaacht duerch de Concours jeunes solistes a beim Ordre Européen de la Musique ee Defizit vun 3.682,40 Euro.

De Rapport vun de Vérificateurs des comptes, den vum Emile Noesen virgestallt ginn ass, ass dunn och positiv ausgefall. De Vérificateur des comptes huet dem Generaltrésorier, wei och dem Personal vun der UGDA Merci gesot fir déi geleeschten Aarbecht an huet d' Entlaaschtung proposéiert.

Op d' Fro vum President hin ob een vun de Leit eng Remarque iwwer déi Rapporten vum Generalsekretär a vum Generaltrésorier hätt, huet de John Düsseldorf ënnerstrach dass de Pius Verband och dichteg beim Chrëschtdagsangen matgewierkt hätt an dass dat senger Meenung no net genug aus den Rapporten ervir gaangen ass. De Generaltrésorier huet dorop geäntwert, dass de Pius Verband sech jo och un de Fraisen vum Transport vun Sänger a Musikanten géif bedeelegen. D'Rechnungen fir den Transport mat den Autobussen wieren awer nach net ran komm. Dofir konnt een dat am Keesseberich nach net gesinn. Béid Rapporten sinn dunn eestëmmeg ugeholl ginn.

Duerno huet de Generalsekretär Marc Thill d' Perspektiven fir déi nächst Joeren mam Programm 2022 an mat dem Programme pluriannuel virgestallt.

Den Europäesche Concours fir Big Band ass vum 9. bis den 10. Abrëll 2022 am Conservatoire vun der Stad Esch / Uelzecht, woubäi awer den 8. Abrëll Owes e grousse Concert als Ouverture vum Concours am Theater vun der Stad Esch / Uelzecht wäert sinn.

Den 23. Abrëll 2022 ass dann an der Philharmonie de Concert commémoratif am Gedenken un den verstuerwenen Grand-Duc Jean vun Lëtzebuerg. Den UGDA / UMI Concours fir Blosmusiken ass vum 14. bis 15. Mee 2022 zu Wëntger. D' Journée des Jeunes gëtt den 18. Juni 2022 nogeholl zu Schieren an Zesummenaarbecht mat der Schierener Musek. Den UGDA Museksdag wäert den Dag drop op der Plëss sinn.

Den 23. Juni 2022 ass dann den Défilé non-militaire mat der Bedeelegung vun der LUMA Band säitens den UGDA Veräiner. De Rendezvous vun de Mandolinen an de Gittaren wäert nogeholl ginn.

Eis Regionalversammlungen wäerten den 5. Dezember 2022 zu Waasserbëlleg, den 8. Dezember zu Ueweraanven an den 11. Dezember, zu Käerjeng sinn. Et ginn véier "Revues musicales" am Joer 2022 publizéiert, am Mäerz, Juni, Oktober an am November 2022. "Dates limites" fir een Artikel ran ze schécken sinn: den 3. Februar, den 2. Mee, de 16. September an den 2. November 2022.

No der 53ter Assemblée générale vun der UGDA Mutuelle an den 160ten Kongress vun der UGDA, den 29. Januar 2023 am Conservatoire vun der Stad Lëtzebuerg, soll dann endlech den Theaterfestival, vum 21. bis den 23. Abrëll 2023, organiséiert vun de Bieleser Theaterfrënn, am Artikuss zu Zolver, an der Gemeng Suessem nogeholl ginn.

Den Europäesche "Concours pour Harmonies, Fanfares et Brassbands" ass fir den 3. a 4. Juni 2023 an der Philharmonie um Kierchbierg geplangt. Duerno ass den UGDA Museksdag, den 18. Juni 2023 op der Plëss an der Stad. Beim Défilé non-militaire 2023 sollen d' Veräiner vun der UGDA aus der Gemeng Habscht matgoen.

Fir de Concert national des Harmonies et Fanfares, d' Journée nationale des Big Bands, d' Journée nationale de l'accordéon, an d' Journée des Jeunes ginn et bisweilen nach keng Datume fir 2023.

Dunn gouf de Reglement vum "Concours Européen pour Harmonies, Fanfares et Brassbands" fir de Concours am Juni 2023 virgestallt vum Vize-President Rob Köller an ass vum Kongress eestëmmeg ugeholl ginn.


Youth
in concert
Sonndes,
13. Mäerz 2022
am Centre Polyvalent
zu Uewerkäerjeng
Um Programm
15:00h : Kéinzeger Kauzekäppercher
15:45h : Young Harmonists Uewerkäerjeng
Dirigent : Luca Wolff
Dëst Evenement gëtt ofgehalen ënnert deenen sanitäre Moossnamen, déi dee Moment aktuell sinn.
Fräien Entrée
Organiséiert vun de Frënn vun der Uewerkäerjenger Musek


FEELENER MUSEK
D'Feelener Musek
invitéiert op hiren
GALA
CONCERT
SAMSDES
19|03|22
um 20 Auer
zu Nidderfeelen
an der Sportshal
Direktioun: Patrick Wilhelm
www.fanfarefeelen.lu


ZESUMME REESEN
Maßgeschneiderte Gruppenreisen,
so vielfältig wie Ihre Wünsche
Für Vereine, Clubs, Firmen, Schulen, Gruppen von Freunden oder Familien
Kulturreisen, entdecken Sie faszinierende Welten der Geschichte oder Kunst
Studienreisen und Schulausflüge, eine unvergessliche Gelegenheit
Sportliche Reisen und Wandertouren, gestalten Sie Ihr Abenteuer
Kulinarische Momente und gastronomische Rundreisen, ideal für Genießer
voyages emile weber
Unser Team steht Ihnen gerne für Beratung und Vorschläge zur Verfügung
Tel.: (+352) 35 65 75 - 300 • groups@vew.lu • www.emile-weber.lu

Genee wei d' Modifikatioun vum Reglement vun de Médaillen an Distinctions honorifiques, dat vum Generalsekretär Marc Thill presentéiert ginn ass. Et ass do drëm gaangen dass d' Membere vum Personal vun der Federatioun, d' Membere vum Personal vun der Museksschoul an alleguer déi lokal Responsabel vun der Museksschoul no 10, 20, respektiv 30 Joer och kënnen d' Croix de Mérite am Selwer, d' Croix de Mérite am Gold an d' Plaquette de Reconnaissance Jean-Antoine Zinnen iwwerreecht dierfen kréien. All des Leit leeschten eng immens wäertvoll Aarbecht, mee bis lo war et laut Reglement just méiglech, de Persoune déi eng Funktioun an engem Veräin haten, des Auszeechnungen ze iwwerreechen.

Des weideren huet de Büro mat Bedaueren festgestallt, dass a leschter Zäit, vill Grënnungs-Membere vun eise Veräiner verstuerwen sinn. Dorënner waren och Leit, déi villäicht aus dem engem oder dem anere Gronn keng Médaille oder net sou vill Auszeechnungen konnten kréien, wei aner Leit déi och an de Veräiner aktiv waren. Aus dësem Gronn gouf proposéiert d' Éiereplaquette vun der UGDA och deene Leit „à titre posthume" zou gestoen ze kënnen, déi schonn verstuerwe sinn, an déi grouss Mériten am kulturelle Liewen oder am Veräinsliewen haten.

A senge Previsioune fir de Budget 2022 huet de Generaltrésorier André Heinen dunn matgedeelt, dass Cotisatioune weiderhin onverännert bleiwen. D' Federatioun an Museksschoul weisen zwar allen zwee een Excédent de Dépenses op fir d' Joer 2022, mee et sinn jo eng Rei Projete vun de Joere virdrun reportéiert ginn, déi hoffentlech lo ausgeféiert wäerte ginn.

D' Appuis financiers, sou wei all aner Ënnerstëtzungen fir d' Veräiner vun der UGDA bleiwen och onverännert. Et ass net fir a schwéiere Zäiten do vill änneren ze goen. Sou war wéinst der besonnescher Situatioun de Veräiner geschriwwen ginn dës Kéier just eng Persoun op de Kongress ze schécken. Verschidde Veräiner hunn sech awer d' Fro gestallt ob et net besser wier de Kongress iwwer Visiokonferenz ze suivéieren. Dofir huet de Generaltrésorier d' Méiglechkeet an Aussicht gestallt doriwwer nozedenken, de Sociétéiten déi sech valabel identifizéiert a fir Visiokonferenz ugemellt hunn eventuell ee reduzéierte Jeton de présence zoukommen ze loossen.

Duerno sinn d' Écharpes d'honneur un d' Veräiner déi ee speziellt Veräinsjubiläum gefeiert hunn iwwerreecht ginn. Siwen Veräiner waren mat hiren Fändelen um Kongress. Wéinst der Pandemie war et lëscht Joer net méiglech d' Schäerpen ze iwwerreechen, dofir sinn Joere 2020 a 2021 zesumme geholl ginn.



Et sinn um Kongress geéiert ginn: d' Fanfare Sainte Cécile Heinerscheid, d' Harmonie Mun. Luxembourg-Eich, d' Harmonie des Mineurs Esch Alzette, d' Fanfare Itzig, d' Chorale Mun. "Sängerfreed" Bettembourg, d' Chorale "Emmerfrou" Tétange an d' Chorale Mun. "Ons Heemecht" Pétange.

Ee ganz spezielle Moment war de Merci un de Raoul Willhelm. Hien huet seng ganz professionnel Carrière op der UGDA verbruecht a geet lo an d' Pensioun. De Raoul ass ee Stéck lieweg UGDA Geschichte. Hien huet 6 Presidenten, 9 Generalsekretäre a 3 Generaltrésoriere mat erlieft. Hien ass fir d' UGDA oft sou eppes wei eng lieweg Enzyklopädie gewiescht. Fir Merci ze soen fir déi laang Joeren, krut hien eng als Cadeau eng nei Trombone. Him a senger Fra, déi mat um Kongress dobäi war, wënschen mir zefridden Deeg an enger hoffentlech laanger Pensioun.



Wierder vum Encouragement hunn de Président d' Honneur vun der UGDA, de Jacques Santer, wei och d' Stader Buergermeeschtesch Lydie Polfer an hiren Interventioune zum Ofschloss vum Kongress fonnt. Et wier net méi wei normal, dass d' Mënschen no der schwéierer Zäit vun der Pandemie, rëm bei d' Mënschen wëllen goen. Béid Riedner hoffen dass d' Kultur rëm ee neien Élan krit a zu hiren gewinnten Aktivitéiten zeréck fënnt.



